



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Luxembourg, le 15 mai 2018



Le Ministre de l'Économie
à
Monsieur le Ministre aux
Relations avec le Parlement

L-2450 LUXEMBOURG

Réf. : Co/QP3738-04/JM-dm

Objet: Question parlementaire N° 3738 du 29 mars 2018 de Monsieur le député
Fernand Kartheiser

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous
rubrique.

Pour le ministre de l'Économie,

Tom Theves
Premier Conseiller de gouvernement

Dossier suivi par: Judith Meyers, tél : 247-84349 ; email : judith.meyers@eco.etat.lu

**Äntwert vum Vize-Premierminister a Wirtschaftsminister, Etienne Schneider, a vum
Minister fir nohalteg Entwecklung an Infrastrukturen, François Bausch, op
d'parlamentaresch Ufro n° 3738 vum 29. Mäerz 2018 vum
Députéiertén Fernand Kartheiser**

D'Firma Tanklux huet schonns méi laang annoncéiert dat si dat bestoend Tanklager am Hafé vu Mäertert ausbaue wëll. Ier de Projet realiséiert ka ginn, muss d'Firma Tanklux allerdéngs déi néideg Autorisatiounen ufroen a kréien, notamment eng Kommodo Autorisatioun. Am Kader vun der Kommodo Prozedur géifen d'Ministeren zoustänneg fir Ëmwelt an Aarbecht eng eventuell Autorisatiounsdemande op Basis vun der Kommodo Gesetzgebung iwwerpräiwen, an natierlech muss d'Firma Tanklux an deem Kontext alleguer d'Oplagen aus de relevante Gesetzer a Reglementer erfëllen. Obwuel d'Firma Tanklux schonns ënnerschiddlech Démarchen entaméiert huet am Virfeld vun der Autorisatiounsprozedur, sou huet si bis well nach keng offiziell Demande fir eng Kommodo Autorisatioun eragereecht.

D'Direktiv 2009/119/CE iwwer d'Obligatioun fir d'Memberstaaten fir minimal Stocke vu Pétrol an/oder Pétrolsproduiten ze halen gesäit vir dat all Memberstaat vun der Europäescher Unioun muss mindestens 90 Deeg Sécherheetsreserven a Form vu Pétrol an/oder Pétrolsproduiten halen. Déi Sécherheetsreserven mussen um Gebitt vun der Europäescher Unioun gehale ginn. D'Direktiv ass zu Lëtzebuerg duerch d'Gesetz vum 10. Februar 2015 iwwer d'Organisatioun vum Maart fir Pétrolsproduiten transposéiert ginn an dëst Gesetz delegéiert d'Obligatioun fir d'Sécherheetsreserven ze halen un d'Importateuren vu Pétrolsproduiten.

Obwuel d'Direktiv keng Virgaben iwwer d'Lokalisatioun vun de Sécherheetsreserve mécht, hunn d'Memberstaaten vun der Unioun am Dezember 2017 an der Moyenne 13% vun hire Sécherheetsreserven am europäeschen Ausland gehalen. Déi lëtzebuergesch Sécherheetsreserve ginn am Moment zu 81% am Ausland gehalen, an dovu ginn 83% ënnert der Form vun Délégatiounen, dat heescht enger Zort Kafoptioun, vun den Importateuren gehalen.

D'Gesetz vum 10. Februar 2015 gesäit vir dat all Importateur, all Responsabelé vun engem Tanklager an all Propriétaire vu Sécherheetsreserven muss permanent d'Disponibilitéit an d'Accessibilitéit vun de Sécherheetsreserve garantéieren. Doduerch ass, och am Fall vun de Reserven déi am Ausland gehale ginn, séchergestallt dat d'Reserven dem Konsument zu Lëtzebuerg am Fall vun enger Krise müssen zur Verfügung gestallt kënné ginn.

Trotz dëser Obligatioun, an obschonn an dem jeeweileg Land d'Sécherheetsreserven disponibel sinn, kéint et an enger schwéierer Kris, an aus verschidde Grënn, dozou kommen dat déi néideg Quantitéiten net op Lëtzebuerg transportéiert kéinte ginn. Dat ka beispillsweis geschéien wann verschidde Facteuren zäitgläich optrieden: Feelen vun néidegen Transportkapassitéiten, Streik, laäng an intensiv Schlechtwiederperioden, déi den Transport iwwer d'Strooss, d'Eisebunn oder d'Waasser onméiglech maachen, a sou weider. Aus dësem Grond huet schonn dat fréiert Groussherzoglecht Reglement vum 31. Oktober 1973 iwwer d'Stockageobligatioun vu Pétrolsprodukte virgesinn, dat op mannst téschent 45 a 55 Deeg Sécherheetsreserve pro Pétrolsproduit um nationalen Territoire gelagert misste ginn. Fir d'Vesuergungssecherheet vum Land och am Fall vun enger schwéierer Kris ofzesécheren erlaben déi bestoend national Tankkapassitéiten haut just circa 8 Deeg Sécherheetsreserven op nationalem Gebitt ze halen.

Fir déi national Versuergungssecherheet ze assuréieren, gesäit d'Gesetz vum 10. Februar 2015 vir, dass mindestens déi 8 Deeg Sécherheetsreserven um nationale Gebitt a mindestens 37 Deeg um regionale Gebitt gehale musse ginn. Dat regionaalt Gebitt ass am Gesetz définéiert als dat Gebitt an engem Rayon vun 230 Kilometer ronderëm

Lëtzebuerg. Domat ass garantéiert dat op mannst 45 Deeg Sécherheetsreserven an engem Rayon vun 230 km ronderëm, Lëtzebuerg stockéiert ginn. Fir déi aner 45 Deeg vun der Stockageobligatioun sinn d'Importateuren fräi fir déi och ausserhalb vun deem Rayon, mee innerhalb vun der EU ze stockéieren. Bleift nach ze präziséieren datt Lëtzebuerg momentan seng international Obligatiounen erfëllt.

Déi aktuell Geneemegungen fir déi bestoend Tanklager vu verschiddenen Importateuren zu Bartreng, Holleréich an och um Fluchhafen lafen bis 2020 aus. Am Fall wou déi Geneemegungen net erneiert géinge ginn, an tëschen zäitlech keng nei Tanklageren gebaut géife ginn, géifen d'Tanklagerkapassitéiten um nationalen Territoire staark erofgoen an et wier bei wäitem net méi méiglech fir déi haiteg 8 Deeg Sécherheetsreserven um nationale Gebitt ze halen, wat gréisser Auswierkungen op d'Versuerungssécherheet vum Land mat Pétrolsproduiten dierft hunn. Déi national Stocken si fir déi direkt Versuerungssécherheet vun eisem Land extrem wichteg. Si ginn an den Obligatiounen aus der vir genannter Direktiv berécksichtigt, mee et gëtt keng direkt Virgab iwwert déi geographesch Lokalisatioun vun de Stocken an där Direktiv. Am Resumé heescht dat, datt Lëtzebuerg seng international Obligatiounen kéint respektéieren andeems et d'Integralitéit vu senger Sécherheetsreserven am Auslând hale géif.

Wat d'Fro zu de Käschten vun de Sécherheetsreserven ugeet, sou hunn d'Importateuren per Gesetz d'Obligatioun des ze iwwerhuelen. Aus deem Grond sinn déi reell Käschten vun de lëtzebuergeschen Sécherheetsreserven dem Minister net bekannt.